PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 09/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Mat der EU Direktive 2014/55/UE solle Betriber an och de Staat encouragéiert ginn, op een elektronesche Reschnungsystem zréck ze gräifen. Esou ee System huet virun allem ökologesch Virdeeler par rapport zu Pabeiersrechnungen.

D'EU Direktive sollt vun de Ministèren, 18 Méint no hirer Publikatioun, also de 6.11.2015, ëmgesat ginn. D'lokal a regional Administratiounen haten 30 Méint Zäit, also bis de 6.11.2016.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Benotzt mëttlerweil all Administratioun dee vun der Direktive virgesinne System?

   Huet de Minister Statistiken, deene verschiddene Ministèren no opgelëscht, zum Gebrauch vun der Facturation électronique?

2. Ginn et Statistiken zum wirtschaftlechen Impakt vun dëser Digitalisatiounsmossnahm op d'Entreprisë an op de Staatsbudget?

   Ginn et Statistiken zum ökologeschen Impakt vun dëser Digitalisatiounsmossnahm?

3. Donnéeë vun de Factures électroniques ginn op Servere gespäichert, déi d'Confidentialitéit vun den Donnéeë solle garantéieren.

   - Goufen et Formatiounen, fir sécher ze stellen, dass déi zoustänneg Léit an den Administratiounen den néie System richteg a sécher notzen? Falls jo, wéi vill Employéen oder Fonctionnairen hunn un esou Formatiounen deelgeholl?
   - Wéi gesäit et mat de privat Betriber aus, wéi gouf assuréiert, dass och hier Aarbechter richteg mat dem System vun de factures électroniques ëmginn?
   - Ass virgesi, fir reegelméisseg Sensibiliséierungscampagnë, fir d'Mataarbechter

beim Staat esou wéi am privat Secteur zu dësem Thema ze organiséieren?

4. Gesäit de Ministère vir, privat Betriber zur Ëmstellung op esou ee System ze verpflichten? Falls jo, ab wéini wier esou eng Obligatioun virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député